N°4179
Entrée le 03.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur, Gesondheet, Sozialversécherung & Asyl weiderzeleeden.**

Mir gouf spezifesch ee Fall zougedroen, wou ee Puppelchen an engem Flüchtlingsfoyer an enger Zort Ritual beschnidde soll gi sinn (Genitalverstümmlung) an dëst bis ewell ouni Konsequenze bliwwen ass. D'Zeie vun dëser Aktioun, déi selwer Flüchtlinge sinn, hunn Angscht dëst ze denoncéiere wéinst Angscht vu perséinleche Konsequenzen, well si mat dëse Leit am Foyer zesummeliewen.

Genitalverstümmlung ass eng Strofdot an hei am Land komplett illegal. D'Website vum Sozialversécherungsministère erënnert nach eng Kéier do drun:

"*Mit dem Gesetz vom 20. Juli 2018 hat die luxemburgische Regierung die weibliche Genitalverstümmelung zu einem spezifischen Straftatbestand erklärt, die Istanbul-Konvention gebilligt und ratifiziert und damit ihr Engagement bekräftigt, jede Form von Gewalt gegen Frauen und Mädchen ausnahmslos zu verurteilen.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung ausschléissen, dass et zu esou illegalen Aktiounen an de Flüchtlingsfoyere ka kommen?
2. Ginn d'Kanner an de Flüchtlingsfoyere medezinesch begleet a reegelméisseg kontrolléiert? Wéi ginn d'Elteren hei encouragéiert, fir reegelméisseg pediatresch Kontrollen anzehalen?
3. Wéi solle Flüchtlingen an de Foyeren sech uleeën an u wie sollen si sech wenden, wann si vun illegalen Aktiounen an de Flüchtlingsstrukturen matkréien a wéi ass de Schutz vun esou

piraten.lu

PIRATEN

Whistleblower garantéiert?

4. Wéi vill Fäll vu Genitalverstümmlung goufen et an deene leschten 10 Joer hei am Land?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés